ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30. Juni 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 4008 schreift d'Madamm Minister ënner anerem Follgendes: "*Fir all d'Beruffer aus dem Gesondheetssecteur déi ënnert d'Kompetenz vum Gesondheetsministère falen, gesinn déi jeeweileg Gesetzer vir, dass déi concernéiert Lëtzebuergesch verstoe mussen*". Dorënner falen Dokteren, Zänndokteren, Apdikter a soss Persounen aus dem Gesondheetsberäich. Elo ass et awer esou, datt ee leider ganz dacks feststelle muss, dass dëst Gesetz net agehale gëtt an déi jeeweileg Persounen net déi 3 administrativ Sproochen, Däitsch, Franséisch, Lëtzebuergesch, verstinn. Gesetzer, déi net duerchgesat a kontrolléiert ginn, verléieren awer nun eebe mol hiren eigentleche Wäert.

An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Gesondheetsminister nach gär des Nofroe stellen:

1) Ween dréit d'Verantwortung fir dofir ze suergen, datt déi vun der Madamm Minister an deem Zesummenhang genannte Gesetz agehale ginn?
2) Wéi eng Moossname gi geholl, oder wäerten an Zukunft vum Ministère geholl ginn, fir datt déi Gesetzer kënnen agehale ginn?
3) Vu datt dëst Gesetz eventuell souwuel beim Personal, wéi och bei de Patienten onbekannt ass, ass d'Madamm Minister gewëllt eng Informatiounscampagne ze starte fir esou d'Personal, wéi och d'Patienten iwwert dëst Gesetz opzeklären?
4) Wier et fir d'Madamm Minister an deem Kontext eng Iddi fir a voller Transparenz op dëst Gesetz op neuralgesche Punkte wéi z.B. an den Agäng vun de Klinicken opmierksam ze maachen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten